Rapport de la séance du conseil communal

# 26 juin 2024

Präsenzen

Jean-Luc Nosbusch (Buergermeeschter);

Bruno Grilo a Lynn Mossong (Schäffen);

Camille Hoffmann, Emile Wies, Andreza Sanguessuga, Thomas Fellerich, Anne Kohl-Kortum, Monique Kuijpers, Cindy Dichter an Annemie Loor (Gemengeréit).

Christophe Bastos (Gemengesekretär).

## Ordre du jour

Séance publique :

***Ecole fondamentale***

**1. Approbation de l'organisation scolaire 2024/2025**

Et geet een dovun aus, datt 310 Kanner d'Schoul zu Beefort besiche wäerten. D'Schoulorganisatioun gesäit dofir ee Contigent vu 633 Stonnen an zwou Stonne PDS vir. Déi 635 Stonne setze sech zesummen aus:

- C1: 208 Stonnen; Précoce, 46 Kanner: dräi Klassen à 14 bis 16 Kanner (78 Stonnen); C1 Préscolaire, 78 Kanner: fënnef Klassen à 14 oder 15 Kanner (130 Stonnen);

- C2: 128 Stonnen; C2.1*, 33 Kanner: dräi Klassen à ongeféier eelef Kanner (72 Stonnen); C2.2: zwou Klassen à ongeféier eelef Kanner (56 Stonnen);

- C3: 142 Stonnen; C3.1, 30 Kanner: zwou Klassen à ongeféier 15 Kanner (56 Stonnen), C3.2, 45 Kanner: dräi Klassen à 15 Kanner (84 Stonnen);

- C4: 157 Stonnen; C4.1*, 34 Kanner: dräi Klassen à ongeféier zwielef Kanner (73 Stonnen); C4.2, 44 Kanner: dräi Klassen à ongeféier 15 Kanner (84 Stonnen).

* Am C2.1 an am C4.1 ginn et dräi Klassen. An den Niewefächer ginn déi dräi Klassen an zwou Gruppen opgedeelt.

Eestëmmeg ugeholl.

**2. Approbation du PEP (Plan d'encadrement périscolaire) 2024/2025**

De PEP reegelt d'Organisatioun an d'Opdeelung vun den Aufgaben tëschen der Schoul an der Maison Relais ausserhalb de Schoulstonnen ewéi zum Surveillance a Présencen um komplette Schoulsite. Eestëmmeg ugeholl.

**3. Approbation du PDS (plan de développement de l'établissement scolaire) 2024-2027**

De PDS erstreckt sech iwwer véier Joer an huet verschidde Schwéierpunkten, déi duerch eng gemeinsam Linn vum Schoulpersonal realiséiert ginn. Eestëmmeg ugeholl.

*Organes politiques*

**4. Approbation d'un règlement d'ordre intérieur (ROI) du conseil communal de la commune de Beaufort**

D'Funktionéieren an d'Organisatioun vun de Gemengerotssëtzunge sinn am Gemengegesetz festgeluecht. Punkten, déi explizit net ernimmt sinn, gi vum Règlement d'ordre intérieur gereegelt. Sou zum Beispill ginn an Zukunft d'Gemengerotssëtzungen normalerweis dënschdesmoies ofgehalen, ouni aner Deeg an Auerzäiten auszeschléissen.

Des Weidere ginn d'Gemengerotssëtzungen opgeholl an et kann ee se zäitno no der Sëtzung um Internetsite vun der Gemeng op www.beaufort.lu lauschteren.

Eestëmmeg ugeholl.

*Administration générale*

**5. Arrêt provisoire du compte administratif 2022**

De Gemengerot huet d'Stellungnam vum Schäfferot zu fënnef Observatiounen am Rapport vun de Kontrolleren approuvéiert.

**6. Arrêt provisoire du compte de gestion 2022**

D'Zuele sinn identesch mam compte administratif. Am Tableau récapitulatif stinn am Service ordinaire een Total vun de Recetten an Héicht vun 12.622.719,98 Euro an Dépense vu 6.722.702,44 Euro. Dat ergëtt ee Boni vu 5.900.017,54 Euro an zesumme mam Boni vun 2021 (8.488.814,69 Euro) ass et ee Boni général vu 14.388.832,23 Euro. Am Service extraordinaire gëtt et een Total vun de Recette vun 2.725.630,75 Euro an Dépense vu 5.873.746,27 Euro. Dat ass ee Mali vun 3.148.115,52 Euro, wat och de Mali général ass. De Boni général minus de Mali général ergëtt een definitive Boni vun 11.240.715,71 Euro.

Eestëmmeg ugeholl.

**7. Approbation de titres de recette 2023**

Den Total beleeft sech op 249.533,13 Euro. Eestëmmeg ugeholl.

**8. Approbation de titres de recette 2024**

Den Total beleeft sech op 1.968.352,16 Euro woubäi d'"Recettes du fonds de dotation globale des communes" 1.426.295 Euro ausmaachen. Eestëmmeg ugeholl.

**9. Approbation de décomptes de travaux**

**a. Réaménagement de l'ilot de verdure à l'entrée de la Patinoire 4/621/221313/18001**

Den Total beleeft sech op 26.934,10 Euro. Eestëmmeg ugeholl.

**b. Construction d'un réservoir d'eau dans la Grand-Rue à Beaufort 4/0740/2123/003**

Den Devis aus dem Joer 2008 huet sech op 760.000 Euro belaf an d'effektiv

Dépense si 781.012,48 Euro. D'Aarbechte goufen 2012 ofgeschloss an dëse Vote war néideg well et keng entspriechend Délibératioun gëtt. Eestëmmeg ugeholl.

**c. Installation d'une station de météo 4/590/223800/21005**

Den Total vun den Dépense vun dëser Wiederstatioun, déi beim Pompjeesbau steet, beleeft sech op 15.355,17 Euro. Eestëmmeg ugeholl.

**10. Approbation de la convention pour la prise en charge des coûts de collecte, de nettoyage, de transport et du traitement de certains produits en plastique (Valorlux)**

Dës Konventioun gouf eestëmmeg ugeholl.

**11. Approbation du règlement communal relatif à la gestion des déchets assurée par le Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre, en abrégé SIDEC**

Dëst Reglement gouf eestëmmeg ugeholl.

**12. Approbation du règlement communal taxe relatif à la gestion des déchets assurée par le Syndicat intercommunal pour la gestion des déchets ménagers du nord et du centre, en abrégé SIDEC, de la commune de Beaufort**

De SIDEC huet, wéi aner Secteuren och, mat de verschiddene Präisdeierechten aus de leschte Joren ze kämpfen, esou dass et net méi méiglech ass mat der Tarifikatioun, wéi se 2015 décidéiert ginn ass, déi lafend Käschte vun der Haus zu Haus Sammlung ze decken. Dofir informéiert de SIDEC, datt ab dem 1. September 2024 nei Tariffer zur Sammlung vum geméschten Hausmüll doheem an der groer Dreckskëscht gëllen. Dëse Punkt gouf eestëmmeg ugeholl.

Ee Flyer mat sämtlechen Informatiounen an Tariffer an Tipps géint Offallvermeidung gëtt nach un d'Stéit ausgedeelt.

|  | Dreckskëscht | 60 Liter | 80 Liter | 120 Liter | 180 Liter | 240 Liter | 360 Liter | 80 Liter (SIDEC Tut) |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Fix Käschte pro Joer (€) | 137,60 | 169,60 | 235,20 | 324,80 | 392,00 | 531,20 | - |
| | Käschte pro Eidelmaachen (€) | 2,77 | 3,42 | 4,75 | 6,24 | 7,92 | 10,69 | 10,00 |

*Circulation*

**13. Confirmation règlement temporaire d'urgence de la circulation, d'une durée supérieure à 72 heures, dans la Grand-Rue (CR 364 A), rue Kummel, Kinnewee et rue du Chateau (CR 128) à l'intérieur de la localité de Beaufort**

Eestëmmeg ugeholl.

**14. Confirmation règlement temporaire d'urgence de la circulation, d'une durée supérieure à 72 heures, dans le Chemin de la Forêt ainsi que dans la Montée Hondsbierg a l'intérieur de la localité de Dillingen**

Eestëmmeg ugeholl.

**15. Démission de Madame Cheyenne Georg en tant que membre de la commission de la culture et du tourisme**

Eestëmmeg zur Kenntnis geholl a gestëmmt.

**16. Démission de Madame Cheyenne Georg en tant que membre de la commission du vivre ensemble interculturel**

Eestëmmeg zur Kenntnis geholl a gestëmmt.

**17. Présentation et validation d'un logo pour l'administration communale de Beaufort**

Mat zéng Jo-Stëmmen an enger Enthalung (Camille Hoffmann) huet de Gemengerot den neie Logo vun der Gemeng Beefort validéiert. Weider Informatiounen an Erklärungen zum Logo stinn op www.beaufort.lu

Gemeng
BEEFORT
Déiljen | Grondhaff

*Collège des bourgmestre et échevins*

**18. Informations du collège des bourgmestre et échevins aux membres du conseil communal**

Follgend Theme goufen ugeschwat an ugereegt:

- den aktuelle Stand vun der Mauer um Grondhaff, déi de 14. Dezember 2017 gefall ass;
- eng eenheetlech Prozedur fir d'Aschreiwe vun de Kanner an de Précoce;
- bevirstoend Gespréicher mat de Gemenge Waldbëlleg an Dikrech ëm d'Drénkwaasserversuergung zu Beefort;
- eng nei Telefonsszentral fir d'Gemengeverwaltung;
- Participatioun vun den Ëmbaukäschte vum Haus "An der Loupescht" zu Jonglënster;
- de Projet "Multisports" mat Pétanque-Pisten an Dëschtennis-Dëscher um Terrain nieft der Äispiste;
- Konventioune mat de Veräiner wa se Gebaier vun der Gemeng notzen;
- de Jean-Luc Nosbusch ass de Naturpakt-Schäffen;
-After-Work-Patt zu Déiljen.

Des Weideren huet d'Gemeng eng gemeinsam E-Mail-Adress an zwar:

# commune@beaufort.lu

Remarque générale :

Le présent rapport reproduit brièvement les décisions formelles prises par le conseil communal en sa séance du 26 juin 2024. Les indications susvisées sont données sans engagement et sous toutes réserves. En cas d'incohérence, d'erreur ou de divergence, seules les délibérations dûment signées par la majorité des membres du conseil communal font foi.

Beaufort, le 28 juin 2024

Le collège des bourgmestre et échevins